Merci Här Waringo. Merci Charles.

„Op de Charles Waringo wor ëmmer Verlooss. Hie wor e kompetenten an intelligente Politiker, dee gären de Leit Ried an Äntwert stoung, deen Hand mat ugepaakt huet. E Mënsch, deen am Fong geschafft huet, ëmmer gutt präparéiert wor a seng chrëschtlech Wuerzelen ëmmer héich gehalen huet. Jo, dat wor de Charles, ëmmer intresséiert, ëmmer am Déngscht vun de Leit – an der Gemeng als Conseiller a Schäffen, an der Por als President vum Kiercherot an an der Staatsbeamtegewerkschaft CGFP als aktive Member", esou den CSV-Éierepresident Jean Spautz, dee laang Joeren zesumme mam Charles Waringo zum Wuel vu Schëffleng geschafft huet.

Haut trauert d'CSV Sektioun Schëffleng ëm den Här Charles Waringo, de laangjärege Parteimember, CSV-Gemengeconseiller a Schäffen, deen onerwaart op Nationalfeierdag am Alter vu 95 Joer gestuerwen ass. Mir behalen de Charel als engagéierte Mënsch a kompetente Politiker an Erënnerung. Mir soen him fir alles, wat hien am Déngscht an am Intressi vun de Leit geleescht huet, e grousse MERCI.

Nom Här Edmond Devaquet, dee laang Joere mam Här Waringo am Conseil communal fir d'CSV aktiv wor, verléiert eis Sektioun eng weider Stäip, déi dacks e gudde Rot hat. Béid Politiker hunn d'Schicksaljoere vum Krich materlieft, ouni Zweiwel eng schwéier Zäit, déi hiert Liewen a Schaffe sécherlech geprägt huet.

Den Här Waringo wor e Politiker – fair am Ëmgank mat jidder Eenzelen, ee mat Häerz a Séil, deen ouni Gedeessems an Ophiewes ëm seng Persoun geschafft huet – fir d'CSV, fir Schëffleng an iwwerall do, wou hien aktiv an engagéiert wor. Hie wor Conseiller vum 1. Januar 1970 bis den 31. Dezember 1975 an tëschent dem 3. Dezember 1979 an dem 14. Juli 1988.

Als Schäffe wor hie vum 1. Mäerz 1980 bis den 30. Abrëll 1985 responsabel fir d'Geschécker vun eiser Gemeng matzeleeden. An dëser Zäit huet hien sech ëm d'Finanze gekëmmert. Hie wor e virsiichtege Verwalter vun de Steiersuen an huet mat bäigedroen, datt eis Uertschaft sech nei opgestallt a moderniséiert huet. De Charel wor e kriteschen a gerechte Beobachter vum kommunale Geschehen, a säin „Schifflinger Brief", eng Rubrik am Lëtzebuerger Wort iwwer aktuell kommunalpolitesch Froen, ass gär gelies ginn.

Ëmmer u Geschicht a Kultur intresséiert, huet hien eng Rei Dokumenter iwwer d'Lokalgeschicht vu Schëffleng mat engem spezielle Bléck op d'Por St. Martin an d'Schëfflenger Kierche geschriwwen. Nieft dësem Hobby stung seng Famill an de Prioritéiten op der éischter Plaz.

Der Famill drécke mer eist häerzlecht Bäileed aus.

CSV SCHËFFLENG